

Mensualitéiten, déi e Proprietär net ka bezuelen, well e kee Loyer méi kritt?

Ganz richtig war och dee Räsonement: „De Problem gëtt ëmmer méi schlémm.“ Wann ee kee Loyer méi bezilt a keng Charge-socialle méi bezilt während 6 Méint, 12 Méint, 24 Méint, op wéi vill summéiert sech dann déi Schold? Kann dee Mënsch déi jeemools rembourseren, jo oder nee?

Duerfir wär eis Léisung ganz kloer – an ech weess, dat léisst sech net an engem Otemzuch maachen –: Et musse genuch Wunnechten zur Verfügung stoen, wou Leit, déi en Déguerpissement forcé hunn, kënnen ënnerkommen! Mee zweetens ass et um Staat, wann e wëll deenen aarme Leit hëllef, déi missten op d'Strooss gesat ginn, dann ass et um Staat, fir déi Arrieréen ze iwwerhuelen, an net um Privatproprietär, fir an de Ruin gedriwwen ze ginn!

Aus all deene Grënn wäerte mir als ADR dësen Text net stëmmen.

Ech soen Iech Merci.

M. Fernand Kartheiser (ADR) | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Här Reding. An da geet d'Wuert un d'Madamm Nathalie Oberweis. Madamm Oberweis, Dir hutt d'Wuert.

Mme Nathalie Oberweis (déi Lénk) | Jo, Här Président, merci, dass Der eis erlaabt hutt, e puer Wieder ze soen zu dësem Gesetz, obwuel et net virgesi war, well mir menge schonn, dass et awer wichtig ass, e puer Wieder ze soen.

Mir sinn opmierksam gemaach ginn op dëst Gesetz virun zwou Wochen, wéi eng Famill eis kontaktéiert huet, déi effektiv riskéiert, elo Ufank Januar op d'Strooss gesat ze ginn, mat hire Kanner! An du si mer mol kucke gaangen, wou dat heite Gesetz dru wär, an do hu mer festgestallt, dass dat jo Ufank Oktober schonn deposéiert gi war. An do kënnen mer eis just wonneren, firwat den Avis vum Staatsrot esou laang gebraucht huet! Effektiv, dat ass jo elo onofhängeg vun der Chamber, mee mir hunn eis gewonnenert, firwat den Avis vum Staatsrot esou laang gebraucht huet.

A wéi mer en du bis gelies hunn, hu mer eis och gewonnenert iwwert déi Aussoen, déi do drastinn, an zwar, dass d'Locatairenen hei favoriséiert gi par rapport zu de Proprietären an dass si quasi en „traitement spécial“ (veuillez lire: en „traitement spécifique“) gemaach kruten, wéi et an hirem Avis steet. Ech ka mech wierklech just iwwer esou Propose wonneren, wa mer wëssen, dass d'Locatairenen de Maillon faible sinn um Wunnengsmarché, dass awer trotzdem d'Proprietäre souzesoen ..., also dass d'Relatioun tëscht de Proprietären an de Locatairë keng neutral Relatioun ass. Et ass jo net, wéi wann déi d'selwecht vill Pouvoir hätten. Also, ech mengen, et geet ganz kloer drëms, d'Locatairenen do virun ze beschützen, op d'Strooss gesat ze ginn. An natierlech, wa mer soen, dass mer se musse beschützen, da steet et ausser Fro, dass se am Wanter op d'Strooss gesat ginn!

A mir wonneren eis och e weénege driwwer, dass de Staatsrot, wann e sou laang gebraucht huet, fir dësen Avis ze produzieren, dee lo sou kuerzfristeg komm ass, engem jo quasi den Artikel opdrängt, dee mer jo elo mussen unhuelen. Fir eis wierkt dat awer e bësselche wéi esou en Zwang, wou mer elo mussen unhuelen, well mir sti lo virun der Vakanz. Natierlech wëlle mer dat Gesetz votéieren, well mer net wëllen, dass Leit op d'Strooss gesat ginn, mee mir hunn awer do trotzdem e bësselchen d'Gefill, dass do e bëssen e politesch Spill gespillt gouf, wou mer elo eigentlech viru fäerdeg Dote stinn a mir deen Artikel elo

esou mussen unhuelen, wéi en do steet, obwuel e verwässert gouf!

A wann een da liest, dass et jo effektiv och drëms geet, dass, wann de Proprietär a sengem eegene Besoin ass, fir déi Wunneng ze recuperéieren, dann d'Persoun awer kann op d'Strooss gesat ginn, da soe mir eis, do steet awer dann d'Dier et wäit op fir eventuell Abusen, well et weess ee jo net genau: Wéi kann een dat Recht kontrolléieren, also och kontrolléiere goen, dass dee Besoin och wierklech existéiert an esou weider?

Also mir maachen eis immens Suergen, dass do awer eng Gefor besteet, dass d'Leit awer op d'Strooss gesat ginn, mat hire Kanner, am Wanter! Mir hu lo scho gesinn, wéi de Wanter schonn ugefaangen huet! Mir hu wierklech Problemer mat dësem Artikel, mir wäerten en awer matdroen, well natierlech musse mer dat dote stäerken. Mee, wéi gesot, ech mengen, et war wichtig, dass mer konnten e puer Wieder dozou soen, well mer dat doten awer relativ problematesch fonnt hunn, dat Virgoe vum Staatsrot!

Villmools merci.

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Madamm Oberweis.

D'Regierung huet d'Wuert, d'Madamm Justizministersch Sam Tanson.

Prise de position du Gouvernement

Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice | Jo, merci Iech alleguerten – also fir déi, déi elo hei hir Zoustëmmung ginn. Ech fannen et wichtig, dass mer an dësen Zäiten en zousätzleche Sécherheetsfilet abaue fir déi Leit, déi missten hir Wunneng verlooosen, déi sech näischt zu Schold komme gelooss hunn an déi keng aner Wunneng fannen, vu déi Situatioun, déi mer awer kennen, mat de Präisser, déi generell an d'Luucht ginn – net nëmmen d'Energiepräisser, mir hunn och eng héich Inflatioun –, an eebe mat de Schwierigkeeten um Wunnengsmarché, déi mer kennen.

Natierlech muss een ëmmer all d'Rechter an en Equilibre setzen. Bon, mir haten effektiv proposéiert, e bësse méi wäit ze goen, a wéi d'Madamm Oberweis et elo grad beschriwwen huet, war et elo e bëssen à prendre ou à laisser, well dat hei déi lescht Chamberswoch ass virun dem Enn vum Joer, a wann dat heiten nach soll iergendeen Effekt hunn, da wär et eebe wichtig, dass mer elo nach zu deem Vott kéinte kommen. An ech hätt natierlech och gäre gehat, wa mer deen Avis vum Staatsrot e bëssen éischer kritt hätten, fir datt mer dat och hätte kënnen am Detail gutt diskutéieren. Dat war leider elo hei net de Fall.

Ech sinn awer frou, dass mer deen heite Garde-fou nach kënnen dertësentschiben an eebe fir e puer Leit dann evitéieren, dass se op d'Strooss gesat ginn, wann dann déi Konditiounen vum Gesetz erfëllt sinn.

Merci Iech alleguerten.

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Madamm Tanson. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir kommen zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 8076. Den Text steet am Document parlementaire 8076.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 8076 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. Da maache mer elo de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

De Projet de loi ass mat 56 Jo-Stëmmen bei 4 Nee-Stëmmen ugehall.

Ont voté oui : Mmes Diane Aehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen (par Mme Nancy

Arendt épouse Kemp), Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Mme Elisabeth Margue, M. Georges Mischo, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar (par M. Jean-Marie Halsdorf), Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz (par Mme Octavie Modert), Serge Wilmes (par M. Georges Mischo), Claude Wiseler (par Mme Martine Hansen) et Michel Wolter ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch (par M. Yves Cruchten) et M. Carlo Weber ;

Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.

Ont voté non : MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup (par M. Jeff Engelen) et Roy Reding.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

7. Ordre du jour

Da gëtt gefrot, datt mer den éischte Projet vum Ordre du jour vun haut de Mëtteg elo nach géifen huelen, de Projet 7758.

Ass d'Chamber domadder averstanen?

(Assentiment)

8. 7758 – Projet de loi portant

1) mise en œuvre du règlement (UE) 2018/1805 du Parlement européen et du Conseil du 14 novembre 2018 concernant la reconnaissance mutuelle des décisions de gel et des décisions de confiscation et

2) modification de la loi du 1^{er} août 2018 portant

1^{er} transposition de la directive 2014/41/UE du Parlement européen et du Conseil du 3 avril 2014 concernant la décision d'enquête européenne en matière pénale ;

2^e modification du Code de procédure pénale ;

3^e modification de la loi modifiée du 8 août 2000 sur l'entraide judiciaire internationale en matière pénale

Da géif ech direkt d'Wuert fir den zweete Projet, wou et ëm d'Upassung vun der géigesäiteger Unerkennung vun de Gel- a Beschlagnamungsdecisiounen geet, de Projet de loi 7758, dem Rapporteur ginn, dem honorabelen Här Charles Margue. Här Margue, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission de la Justice

M. Charles Margue (déi gréng), rapporteur | Merci, Här Président. Ech versichen dann elo nach eng Kéier, als Netjurist e juristeschen Text esou duerzeleeën, dass e jiddwerengem ka kloer sinn. Voilà!

Mir hunn et erëm mat engem Projet de loi ze dinn, fir de juristeschen Arsenal géint Terrorismus a Geldwäsch international auszebauen. Et geet ëm en

Instrument vun Zesummenaarbecht an Unerkennung enner Form vun engem direkt uwendbaren an obligatoresche Reglement säit dem 18. Dezember 2020, also viru genee zwee Joer. Mir passen elo d'Lëtzebuerger Gesetzgebung un, fir dëst Instrument en matière pénale an eis Texter anzeféieren. Et geet ëm dat géigesäiteg Unerkennen an d'Ausféierung vun Decisiounen, wou eppes agefruer oder confiscéiert gëtt, ob eng Verurteilung schonns gesprach ass oder eeben nach net gesprach ass.

Aus den Avisen, déi mer zum Projet de loi erakuten, geet ervir, dass schonn éischt Erfarunge mam Dispositif gemaach goufen – wéi gesot, et war e Règlement d'application directe –, an déi Erfarunge sinn duerchweeß positiv an d'Effikassitéit vum neien Handwierksgeschiech ass gutt a gëtt ennerstrach.

De Reglement viséiert, et méi einfach ze maachen, fir iwwert d'Grenzen eraus an der Europäescher Unioun Avoiren ze recuperéieren, a prezisiéiert d'Optiounen, déi d'Länner hu bei der Transpositioun.

Eng Décision de gel, dat heescht also, eppes anze-fréieren, huet als Zil ze verhënneren, dass déi Avoiren zerstéiert ginn, verschwannen, deplacéiert oder verännert ginn, fir dass se spéider kënne confiscéiert ginn, wann eng Verurteilung rechtskräfig ass. Mir sinn hei also an enger preventiver Logik ennerwee, an dat, fir iwwert d'Grenzen ewech schnell an effikass kennen ze reagéieren, ier et ze spët ass, wann dann op eng Kéier sou Avoire „verschwonne“ wären.

Et ass en techneschen Dossier a wéi all Kéier, wann et transnational ass, wann et ëm d'Kooperatioun vun nationale Justizautoritéiten an d'Ëmsetzung vun Decisiounen geet, hu mer et mat enger gréisserer Komplexitéit ze dinn.

Wann eng Entscheedung geholl gëtt, Avoiren anze-fréieren, da gëtt dozou en Certificat ausgestallt vum Procureur général d'État. Et geet drëms, dass dësen Certificat vun de Memberstaate géigesäiteg unerkannt gëtt an esou d'Decisioun iwwert d'Grenze vum eegene Land eraus kann ausgeféiert ginn. Deen Certificat ass op Däitsch oder Franséisch ausgestallt, eng Iwwersetzung op Englesch ass awer och akzeptéiert. Den Certificat geet weider un en Untersuchungs-richter am betraffene Land, wou d'Avoire sinn, an dat ëmmer via de Procureur général. Et sinn also d'Procureuren, déi op béide Säiten de Brëfdréier vun deem Certificat sinn.

An den Artikelen 5 an 9 vum Projet de loi ass d'Lëscht festgehalen vun Infractionen, am Kader vun deene e Gel an/oder eng Confiscatioun kënne geschwat ginn, hei e puer Beispiller, a mir sinn do an der Weiderféierung vun der Bekämpfung vu Schwéierkriminalitéit an Terrorismus, wéi mer et virdru schonn am Gesetzesprojet waren:

Et geet ëm Mënschen- an Organhandel, Vergewaltigung, et geet ëm sexuelle Mëssbrauch u Kanner oder Pedopornografie, et geet ëm Rassismus an Ausländerfeindlechkeet oder Drogenhandel an Trafick vun Hormonpreparater, ëm Passeuren, Terrorismus a Sabotage, Geiselnam, Entféierung an Homizid, et geet einfach ëm de Fait, Member vun enger krimineller Organisation ze sinn, et geet ëm Korruptioun, Fraude, Escroquerie, Erpressung, et geet ëm Wäisswäscherei, et geet ëm illegale Konschthandel, Geldfälscherei a Fälschung vun Dokumenter a Bezuelungsmittelen, Contrefaçon vu Produkter, et geet och ëm Cyberkriminalitéit, et geet ëm Ëmweltkriminalitéit, et geet ëm Trafick mat nuklearen a radioaktive Substanzen an et geet ëm Trafick mat Autoen, ganz banal.

Déi aner Artikelen beschreiwen d'Prozeduren, déi ze respektéieren sinn, esouwuel wa Lëtzebuerg eng Décision de gel/de confiscation ufreet, wéi och, wa Lëtzebuerg eng soll ausféieren op Demande vun engem aneren EU-Memberland.

Am Artikel 13 hu mer via Amendement an dësem Gesetzesprojet enger Demande vum Parquet général Rechnung gedroen, fir d'Gesetz vum 1. August 2018 ze modifizéieren, wou eng prozedural Lacune dra war. D'Detailer stinn a mengem schrëftleche Rapport.

Zum Werdegang: De Gesetzesprojet 7758 ass den 1. Februar 2021 vun der Justizministerin Sam Tanson deposéiert ginn. Mir hunn den 10. Mäerz 2021 eis an der Kommissioun eng éischte Kéier dermat befaasst an de Rapport bestëmmt. Den Avis vum Staatsrot war den 23. Mäerz 2021 do. Mir hunn de 6. Oktober zejoert doropshin an der Kommissioun eng Serie Amendementer ugeholl. De 17. Dezember 2021 krute mer den Avis complémentaire zu dësen Amendementen. Den 23. November dëst Joer hu mer deen Avis analyséiert an de 7. Dezember de schrëftleche Rapport an der Kommissioun ugeholl.

Nieft den zwee Avisa vum Staatsrot krute mer och en Avis vum Barreau an ee vun de Justizautoritéiten. Den Detail ass zum Deel am schrëftleche Rapport an in extenso an den Documents parlementaires nozeliesen.

Ech soen Iech Merci fir de Moien a ginn den Accord vun der grénge Fraktioun.

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools dem Här Rapporteur Charles Margue. Mam Accord vun der Kommissioun gëtt och no der Presentatioun vum Rapporteur ouni Diskussioun iwwert de Projet de loi ofgestëmmt.

Fir d'éischt kritt awer nach d'Madamm Ministerin d'Wuert.

Prise de position du Gouvernement

Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice | Jo, dat war och erëm ganz ausféierlech. Merci dem Rapporteur,

merci der Kommissioun. Ech mengen, deem gëtt et déi Kéier näischt bäizefügen.

M. Fernand Etgen, Président | Merci der Madamm Ministerin.

Mir kommen dann zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7758. Den Text steet am Document parlementaire 7758⁶.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7758 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. Da maache mer elo de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

De Projet de loi 7758 ass mat 60 Jo-Stëmmen eestëmmege ugeholl.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Mme Elisabeth Margue, M. Georges Mischo, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar (par Mme Diane Adehm), Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz (par M. Jean-Marie Halsdorf), Serge Wilmes (par M. Max Hengel), Claude Wiseler (par Mme Martine Hansen) et Michel Wolter ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusti Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch (par Mme Simone Asselborn-Bintz) et M. Carlo Weber ;

Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup (par M. Jeff Engelen) et Roy Reding ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Domat si mer um Schluss vun der Sitzung vun haut de Moien ukomm. D'Chamber kënnt haut de Mëtteg um 14.00 Auer nees zesummen.

D'Sitzung ass opgehewen.

(La séance publique est levée à 10.36 heures.)